PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 14:36, 08/01/2021

Lëtzebuerg, den 08/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Bildung weiderzeleeden.**

D'Regierung huet vir, datt d'Online-Printmedien an Zukunft gestäerkt ënnerstëtzt a mam Pabeier-Journalismus gläichgesat solle ginn. Wéi 2020 Joer annoncéiert gouf, wäert de Lëtzebuerger Journal vun 2021 un och de Wee vum Online-Journalismus goen, an zwar radikal: d'Printversioun soll nämlech komplett agestallt ginn. Wat d'Beispill vum Journal e bësse speziell mëscht, ass den Ëmstand, datt et sech hei ëm ee klassesche Fall vu Parteipress ze dinn hun.

Esou ass gewosst, datt am Verwaltungsrot vun den « Editions Lëtzebuerger Journal » praktesch nëmme Membere vun der DP sëtzen. Dat selwecht gëllt fir den Haaptaktionär, d'Asbl « Centre d'Etudes Eugène Schaus », wou quasi sämtlech verantwortlech Positioune mat DP-Membere besat sinn. Wann een d'Statute vun der Asbl liest, fënnt ee Folgendes :

> *« L'association a pour objet la propagation des idées défendues par le Parti Démocratique, le tout tant isolément que dans le cadre de la ou des associations et sociétés commerciales dont elle est ou pourra devenir membre ou associé. »*

An de Parteistatute vun der DP steet schliesslech, wou d'Memberen sech informéiere sollen :

> *« Les membres sont invités à s'informer au Lëtzebuerger Journal, organe officiel du parti, et à souscrire un abonnement ; l'accès à l'information leur sera également facilité par les médias électroniques. ».*

Esouguer an der Schoul gëtt geléiert, datt de Lëtzebuerger Journal een «organe de presse partisane» ass. Esou steet et am Manuel scolaire «*Instruction civique*» vun der 2e geschriwwen:

> *« Le Journal est l'organe de presse officiel du parti démocratique ».*

De Risiko vu politeschem Afloss beim Journal ass also zweifellos ginn. Opgrond vun dësen

Elementer kann een dovunner ausgoen, datt de Journal éischter eng Parteizeitung an eng Composante vun der DP ass ewéi eng Zeitung, déi onofhängege Journalismus bedreift.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. De Medieminister hat an der Äntwert op d'Question parlementaire 1531 vum honorabele Kolleg an Députéierten Sven Clement geäntwert :

   > *« Déi Prinzipien vun der Indépendance a Pluralismus sinn zu Lëtzebuerg net a Gefor an d'Regierung ass décidéiert, déi Prinzipien och weider ze stäerken ».*

   Här Minister, wéi ass d'Onofhängekeet vum Lëtzebuerger Journal garantéiert, a Betruecht vun de Besëtzverhältnisser (Bénéficiares effectifs) an der Verwaltung duerch eng Majoritéit un DP-Memberen am Verwaltungsrot vun der Zeitung?

2. Ass d'Konzept vun esou enger « Parteipress » nach zäitgemäss, a wéi steet d'Regierung dozou ?

3. Ass der Regierung bekannt, ob et weider esou Parteizeitungen hei am Land ginn?

4. Misst de Lëtzeburger Journal net vill méi kloer affichéieren, datt et sech bei der Zeitung ëm ee Presseorgan handelt, dat an direkter Linn vun der Demokratescher Partei ofhänkt ?

5. Här Bildungsminister, wëssend, datt am Cours « Instruction civique » de Schülerinnen a Schüler bäibruecht gëtt, datt de Lëtzebuerger Journal dat « offiziellt Presseorgan vun der demokratescher Partei » ass an den Här Minister Meisch net midd gëtt ze betounen, datt d'Zeitung sech méi breet opstellt an onofhängeg ass, wäert dëse Passus an der nächster Editioun vum Schoulbuch gestrach ginn? Falls jo, wéini kënnen d'Schüler op der 2e vun engem neien, aktualiséierten Civiquesbuch profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

**Gemeinsam Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Claude MEISCH, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3405 vum 8. Januar 2021 vum Här Deputéierte Marc GOERGEN iwwert d'«Presse d'opinion»**

1. **De Medieminister hat an der Äntwert op d'Question parlementaire 1531 vum honorabele Kolleeg an Députéierten Sven Clement geäntwert:**

   ***«Déi Prinzipien vun der Indépendance a Pluralismus sinn zu Lëtzebuerg net a Gefor an d'Regierung ass décidéiert, déi Prinzipien och wieder ze stärken».***

   **Här Minister, wéi ass d'Onofhängegkeet vum Lëtzebuerger Journal garantéiert, a Betruecht vun de Besëtzverhältnisser (Bénéficaires effectifs) an der Verwaltung duerch eng Majoritéit un DP-Memberen am Verwaltungsrot vun der Zeitung?**

   D'Regierung widderhëlt déi vum honorablen Deputéierten zitéiert Ausso ganz däitlech an ënnersträicht, dass eng onofhängeg a fräi Press e fundamentale Pilier vun der Demokratie ass an dofir muss erhalen an gestäerkt ginn. Déi Fräiheet vun der Press, vun enger Redaktioun an de professionelle Journalisten, ass duerch e legale Kader geschützt. Duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 1979 ass den Titel vum professionelle Journalist zu Lëtzebuerg protegéiert an dorunner liéiert sinn och Rechter a Pflichten, déi am Code de Deontologie vum Presserot festgehale sinn, an do ass besonnesch den Artikel 6 ervirzesträichen, wou et kloer festgehalen ass, dass e professionelle Journalist absolut onofhängeg muss kënne schaffen an och den Editeur sech zu dëser Indépendance engagéiert.
   Doriwwer eraus sief awer och drop higewisen, dass d'Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwer d'Meenungsfräiheet an de Medien e Kader bitt, deen dës Onofhängegkeet verankert, notamment eng *Protection des Ssources*, déi e professionelle Journalist a senger redaktioneller Fräiheet stäerkt.

2. **Ass d'Konzept vun esou enger « Parteipress » nach zäitgemäss, a wéi steet d'Regierung dozou?**

   De Fait, dass et zu Lëtzebuerg eng pluralistesch Offer an de Medie gëtt, ass ze begréissen, well och dat en Atout vun der Demokratie ass an den ëffentlechen Debat beräichert. Dass et och Medie gëtt, déi an hirer philosophescher Approche historesch méi no u politesche Stréimunge sinn, ass eng Realitéit an et ass dofir wichteg, dass dat och transparent ass.

3. **Ass der Regierung bekannt, ob et weider esou Parteizeitungen hei am Land ginn?**

   Mam Zil, d'Bierger kloer iwwert d'Besëtzverhältnisser vun de Publikatiounen ze informéieren, gesäit dat schonn zitéiert modifizéiert Gesetz vum 8. Juni 2004 am Artikel 66 vir, dass all Zeitungen am éischten Nummer am Joer e. a. Follgendes mussen uginn: *"l'identité des personnes qui détiennent directement ou indirectement une participation exédant 25 pour cent du capital social de la personne morale; l'identité des personnes composant les organes d'administration et de direction,*

*ainsi que l'identité de la ou des personnes charées de la direction et de la gestion journalière de la société; (...)"*. Ausserdeem erlaabt de *Registre des bénéficiaires effectifs* d'Besëtzverhältnisser vun de Medien op eng transparent Aart a Weis nozevollzéien.
Fir weider Transparenz ze suergen an dem Lieser eng besser Anuerdnung vun der Informatioun ze erlaben, gesäit de Projet vum neie Pressehëllefgesetz explizitt eng Obligatioun vir, d'Ligne éditoriale ze publizéieren.

4. **Misst de Lëtzebuerger Journal net vill méi kloer affichéieren, datt et sech bei der Zeitung ëm ee Presseorgan handelt, dat an direkter Linn vun der Demokratescher Partei ofhänkt?**

   Et steet de Medie fräi, esouwuel de klassesche Printzeitungen, ewéi awer och Online-Publikatiounen, iwwert dee legale Kader eraus transparent ze sinn an iwwert déi direkt an indirekt Besëtzverhältnisser ze kommunizéieren.

5. **Här Bildungsminister, wëssend, datt am Cours « Instruction civique » de Schülerinnen a Schüler bäibruecht gëtt, datt de Lëtzebuerger Journal dat « offiziellt Presseorgan vun der demokratescher Partei » ass an den Här Minister Meisch net midd gëtt ze betounen, datt d'Zeitung sech méi breet opstellt an onofhängeg ass, wäert dëse Passus an der nächster Editioun vum Schoulbuch gestrach ginn? Falls jo, wéini kënnen d'Schüler op der 2e vun engem neien, aktualiséierten Civiquesbuch profitéieren?**

   Den Educatiounsminister intervenéiert net a puncto Contenue vu Schoulbicher, mee vertraut beim Ausschaffe vun dësen op d'Expertis vun Aarbechtsgruppen a Programmkommissiounen. En Aarbechtsgrupp, dee vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) encadréiert gëtt, iwwerschafft an aktualiséiert am Ament de betreffende Buchtitel (*Instruction civique, classe de 2e*, ISBN 9782879950143). D'Publikatioun ass fir de September 2022 virgesinn. Den Titel wäert an enger Print-Versioun an als PDF enrichi publizéiert ginn.